Amicale des Enrôlés de Force
Victimes du Nazisme
~~Commune de Sanem~~
Section réunie Bascharage

Georges Flammang
Hautcharage
Résidence BEAU SITE
Av. de Luxembourg
Tél: 50 24 59

28 octobre 1979

Monsieur Weirich Joseph
Président National et Député
de la Fédération des V.N.
Enrôlés de Force

Léiwe Komerood Nationalprésident,

Bezughuelend op eis Telephongespréich vum 24 Oktober, betrefft den Enrôlé de force Meyrer Joseph, vun Bascharage 16, rue Belair well ech Dir des Informatioun zoukomme loossen.

Hien gouw/den RAD (an) zwangsrekrutéiert den14 Februar bis 14 Mai 1943.
Ass gebuer den 1.Januar 1924.

Zwangsrekrutéiert an d'Wehrmacht den 24 Juni 1943
Refaktaire respective (Maquis) den 26 Juni 1943 a koum zeréck an d'Heemecht den 25 Oktober 1945.

Hien bekloot sech, d'Krichsjooren net ugerechent kritt ze hun.
Huet bei sengem Papp am Bauerenhaff zou Welfring geschafft bis 1956!
1958 gong hien op d'ARBED. Huet mir confirméiert datt sei Papp keng Cotisatiounen an eng Pensiounskees bezouhlt huet.
Sot, datt hien bei der AVI reklaméiert huet, déi hirerseits gesot, sie géiwen et viru gin un d'Central Paysanne!

Waat ass do ze maan? ech wees datt dat en heikelt Problème ass.
D'Leit hun 4 Bouwen, 1 stodéiert. Sie hun en Haus dat bezouhlt ass dach set den Meyrer Joseph, hien géiw a leschter Zeit kränkelen an huet Angscht,hien kennt net duer haalen bis hien d'Bouwen um schaffen hätt. Sein Problème ass nu datt hien net genuch Denschtjooren huet.

Sollten nach Informatiounen feélen, looss mech et wessen, esou ewéi och d'Resultat ausgefaal ass. Ech hun desen Bréif esou einfach ewéi méiglech gehaalen.

Mat beschte Gréiss